heeschen

heißen **s'appeler** **to be called**

Präsens		**Perfekt**		
ech	heesch**en**	ech	hu(nn)	**ge**heesch**t**
du	heesch**s**	du	hues	**ge**heesch**t**
h/h/s	heesch**t**	h/h/s	huet	**ge**heesch**t**
mir	heesch**en**	mir	hu(nn)	**ge**heesch**t**
dir	heesch**t**	dir	hutt	**ge**heesch**t**
si	heesch**en**	si	hu(nn)	**ge**heesch**t**

- Wéi heeschs du?
- Ech heeschen David.
- Mäi Papp heescht Marco.
- Hien heescht Kevin Duarte.
- Ech weess net wéi hatt heescht.

wunnen

wohnen **habiter** **to live**

Präsens		**Perfekt**		
ech	wunn**en**	ech	hu(nn)	**ge**wunn**t**
du	wunn**s**	du	hues	**ge**wunn**t**
h/h/s	wunn**t**	h/h/s	huet	**ge**wunn**t**
mir	wunn**en**	mir	hu(nn)	**ge**wunn**t**
dir	wunn**t**	dir	hutt	**ge**wunn**t**
si	wunn**en**	si	hu(nn)	**ge**wunn**t**

- Wou wunns du?
- Ech wunnen zu Dikrech.
- Hien huet bis Oktober a Frankräich gewunnt.
- Wunnt Dir nach bei ären Elteren?
- D'Madame Meiers wunnt eleng.

schwätzen

reden **parler** **to speak**

Präsens		**Perfekt**		
ech	schwätz**en**	ech	hu(nn)	**ge**schwa**t**
du	schwätz	du	hues	**ge**schwa**t**
h/h/s	schwätz**t**	h/h/s	huet	**ge**schwa**t**
mir	schwätz**en**	mir	hu(nn)	**ge**schwa**t**
dir	schwätz**t**	dir	hutt	**ge**schwa**t**
si	schwätz**en**	si	hu(nn)	**ge**schwa**t**

- Ech schwätze franséisch.
- Wéi eng Sprooch schwätz du?
- Schwätz du lëtzebuergesch?
- De Pit huet déi ganzen Zäit am Cours geschwat.
- De Minister huet 45 Minutte geschwat.

hunn

haben **avoir** **to have**

Präsens		Perfekt			Imperfekt	
ech	**hunn**	ech	hu(nn)	**ge**ha**t**	ech	hat
du	**hues**	du	hues	**ge**ha**t**	du	has
h/h/s	**huet**	h/h/s	huet	**ge**ha**t**	h/h/s	hat
mir	**hunn**	mir	hu(nn)	**ge**ha**t**	mir	haten
dir	**hutt**	dir	hutt	**ge**ha**t**	dir	hat
si	**hunn**	si	hu(nn)	**ge**ha**t**	si	haten

- Wéi vill Joer huet si?
- Ech hunn 25 Joer.
- D'Madame Meiers hat gëschter de Kapp wéi.
- Wéini hutt Dir Rendezvous?
- De Paul hat e Méindeg Training.

sinn

sein **être** **to be**

Präsens		Perfekt			Imperfekt	
ech	**sinn**	ech	si(nn)	**gewiescht**	ech	war
du	**bass**	du	bass	**gewiescht**	du	waars
h/h/s	**ass**	h/h/s	ass	**gewiescht**	h/h/s	war
mir	**sinn**	mir	si(nn)	**gewiescht**	mir	waren
dir	**sidd**	dir	sidd	**gewiescht**	dir	waart
si	**sinn**	si	si(nn)	**gewiescht**	si	waren

- Wou ass de Jorge?
- Meng Elteren sinn zu Paräis an der Vakanz.
- Ech sinn zu Dikrech an der Schoul.
- Firwat waars du gëschter net an der Schoul?
- Et deet mer Leed, ech war de Moien ze spéit.

maachen

machen **faire** **to do**

Präsens		Perfekt			
ech	maach**en**	ech	hu(nn)	**ge**maach	
du	m**é**ch**s**	du	hues	**ge**maach	
h/h/s	m**é**ch**t**	h/h/s	huet	**ge**maach	
mir	maach**en**	mir	hu(nn)	**ge**maach	
dir	maach**t**	dir	hutt	**ge**maach	
si	maach**en**	si	hu(nn)	**ge**maach	

- Wat méchs du den Owend?
- D'Josiane mécht vill Dommheeten.
- Den David mécht Karate.
- Wou hues du de Führerschäi gemaach?
- Firwat hues du deng Hausaufgaben net gemaach?

goen

gehen **aller** **to go**

Präsens		**Perfekt**			**Imperfekt**	
ech	**ginn**	ech	si(nn)	**gaangen**	ech	goung
du	**geess**	du	bass	**gaangen**	du	goungs
h/h/s	**geet**	h/h/s	ass	**gaangen**	h/h/s	goung
mir	**ginn**	mir	si(nn)	**gaangen**	mir	goungen
dir	**gitt**	dir	sidd	**gaangen**	dir	goungt
si	**ginn**	si	si(nn)	**gaangen**	si	goungen

- Mir ginn den Owend an de Kino.
- Wou gees du an d'Schoul?
- Mir sinn d'lescht Woch op Miersch gaangen.
- D'Daniela geet an e Lëtzebuergesch Cours.
- Den Här Weber ass an de Supermarché gaangen.

kommen

kommen **venir** **to come**

Präsens		**Perfekt**			**Imperfekt**	
ech	komm**en**	ech	si(nn)	**komm**	ech	koum
du	k**ënn**s	du	bass	**komm**	du	koums
h/h/s	k**ënn**t	h/h/s	ass	**komm**	h/h/s	koum
mir	komm**en**	mir	si(nn)	**komm**	mir	koumen
dir	komm**t**	dir	sidd	**komm**	dir	koumt
si	komm**en**	si	si(nn)	**komm**	si	koumen

- Ech kommen um 6 Auer.
- Kënns du och op dem Pit seng Party?
- D'Nadia ass de Moien net an d'Schoul komm.
- Firwat kommt dir net?
- Et deet mer Leed, ech sinn de Moien ze spéit komm.

bleiwen

bleiben **rester** **to stay**

Präsens		**Perfekt**			
ech	bleiw**en**	ech	si(nn)	**bliwwen**	
du	blei**f**s	du	bass	**bliwwen**	
h/h/s	blei**f**t	h/h/s	ass	**bliwwen**	
mir	bleiw**en**	mir	si(nn)	**bliwwen**	
dir	blei**f**t	dir	sidd	**bliwwen**	
si	bleiw**en**	si	si(nn)	**bliwwen**	

- Meng Schwëster bleift bis 6 Auer an der Schoul.
- Ech bleiwe bis e Freideg zu Paräis.
- Ech war krank, ech sinn doheem bliwwen.
- Mir sinn net bis zum Schluss bliwwen.
- Kënns du mat oder bleifs du hei?

iessen

essen **manger** **to eat**

Präsens		**Perfekt**		
ech	iess**en**	ech	hu(nn)	**g**iess
du	**ë**ss	du	hues	**g**iess
h/h/s	**ë**ss**t**	h/h/s	huet	**g**iess
mir	iess**en**	mir	hu(nn)	**g**iess
dir	iess**t**	dir	hutt	**g**iess
si	iess**en**	si	hu(nn)	**g**iess

- Ech iesse moies e Croissant.
- D'Joffer Davidson ësst am Restaurant.
- Hues du schonn eng Kéier Austere giess?
- Den Ahmed ësst kee Schwäin.
- Mir hunn de Mëtteg an der Kantin giess.

drénken

trinken **boire** **to drink**

Präsens		**Perfekt**		
ech	drénk**en**	ech	hu(nn)	**ge**dr**o**nk
du	drénk**s**	du	hues	**ge**dr**o**nk
h/h/s	drénk**t**	h/h/s	huet	**ge**dr**o**nk
mir	drénk**en**	mir	hu(nn)	**ge**dr**o**nk
dir	drénk**t**	dir	hutt	**ge**dr**o**nk
si	drénk**en**	si	hu(nn)	**ge**dr**o**nk

- Ech drénke moies eng Taass Kaffi.
- Drénkt Dir eppes, Madame?
- De Joé hat gëschter ze vill gedronk.
- Drénks du léiwer Kaffi oder Téi?
- Ech sinn duuschtereg, ech hunn nach näischt gedronk.

kachen

kochen **cuisiner** **to cook**

Präsens		**Perfekt**		
ech	kach**en**	ech	hu(nn)	**ge**kach**t**
du	kach**s**	du	hues	**ge**kach**t**
h/h/s	kach**t**	h/h/s	huet	**ge**kach**t**
mir	kach**en**	mir	hu(nn)	**ge**kach**t**
dir	kach**t**	dir	hutt	**ge**kach**t**
si	kach**en**	si	hu(nn)	**ge**kach**t**

- Den Här Osmansur kacht eng Kotlett.
- Kachs du selwer?
- Wat hutt Dir gekacht?
- Ech hunn näischt gekacht, komm mir bestellen eng Pizza.
- Meng Mamm kacht fir d'ganz Famill.

kucken

schauen **regarder** **to watch**

Präsens		**Perfekt**		
ech	kuck**en**	ech	hu(nn)	**ge**kuck**t**
du	kucks	du	hues	**ge**kuck**t**
h/h/s	kuck**t**	h/h/s	huet	**ge**kuck**t**
mir	kuck**en**	mir	hu(nn)	**ge**kuck**t**
dir	kuck**t**	dir	hutt	**ge**kuck**t**
si	kuck**en**	si	hu(nn)	**ge**kuck**t**

- Mir kucken den Owend e Film.
- Wat kucks du?
- Wéi ee Film hutt dir gekuckt?
- Dir kuckt ze vill Tëlee.
- Hues du gëschter de Journal gekuckt?

gesinn

sehen **voir** **to see**

Präsens		**Perfekt**		
ech	ge**sinn**	ech	hu(nn)	**ge**sinn
du	ge**säis**	du	hues	**ge**sinn
h/h/s	ge**säit**	h/h/s	huet	**ge**sinn
mir	ge**sinn**	mir	hu(nn)	**ge**sinn
dir	ge**sitt**	dir	hutt	**ge**sinn
si	ge**sinn**	si	hu(nn)	**ge**sinn

- Ech gesi mäi Brudder den Owend.
- D'Sandra gesäit net méi gutt.
- Ech hunn den Nico am Kino gesinn.
- Hues du den neien James Bond gesinn?
- Mir hu vill interessant Saachen zu Paräis gesinn.

fillen

fühlen **toucher, sentir** **to feel**

Präsens		**Perfekt**		
ech	fill**en**	ech	hu(nn)	**ge**fill**t**
du	fill**s**	du	hues	**ge**fill**t**
h/h/s	fill**t**	h/h/s	huet	**ge**fill**t**
mir	fill**en**	mir	hu(nn)	**ge**fill**t**
dir	fill**t**	dir	hutt	**ge**fill**t**
si	fill**en**	si	hu(nn)	**ge**fill**t**

- Wéi fills du dech?
- Ech fille mech midd.
- De Buedem fillt sech kal un.
- Hatt fillt sech eleng.
- D'Këss fillt sech mëll un.

lauschteren

hören **écouter** **to listen**

Präsens		**Perfekt**		
ech	lauschter**en**	ech	hu(nn)	**ge**lauschter**t**
du	lauschter**s**	du	hues	**ge**lauschter**t**
h/h/s	lauschter**t**	h/h/s	huet	**ge**lauschter**t**
mir	lauschter**en**	mir	hu(nn)	**ge**lauschter**t**
dir	lauschter**t**	dir	hutt	**ge**lauschter**t**
si	lauschter**en**	si	hu(nn)	**ge**lauschter**t**

- Ech lauschteren am Auto de Radio.
- De Jos lauschtert am Cours net no.
- Wéi eng Musek lauschters du?
- Ech lauschtere Rock.
- Mir lauschteren en Dialog.

héieren

hören **entendre** **to hear**

Präsens		**Perfekt**		
ech	héier**en**	ech	hu(nn)	héieren
du	héier**s**	du	hues	héieren
h/h/s	héier**t**	h/h/s	huet	héieren
mir	héier**en**	mir	hu(nn)	héieren
dir	héier**t**	dir	hutt	héieren
si	héier**en**	si	hu(nn)	héieren

- Héiers du dat och?
- Ech hunn dech net héieren.
- Den Här Martins héiert net méi gutt.
- Ech héieren de Kaméidi vun der Strooss net.
- Hutt Dir d'Schell net héieren?

richen

riechen **sentir** **to smell**

Präsens		**Perfekt**		
ech	rich**en**	ech	hu(nn)	**ge**r**o**ch
du	rich**s**	du	hues	**ge**r**o**ch
h/h/s	rich**t**	h/h/s	huet	**ge**r**o**ch
mir	rich**en**	mir	hu(nn)	**ge**r**o**ch
dir	rich**t**	dir	hutt	**ge**r**o**ch
si	rich**en**	si	hu(nn)	**ge**r**o**ch

- Et richt no Fësch.
- Um Gank richt et net gutt.
- Den David richt net gutt.
- Däi Parfum richt staark.
- Richs du och den Damp?

schreiwen

schreiben **écrire** **to write**

Präsens		**Perfekt**		
ech	schreiw**en**	ech	hu(nn)	**ge**schriwwen
du	schreif**s**	du	hues	**ge**schriwwen
h/h/s	schreif**t**	h/h/s	huet	**ge**schriwwen
mir	schreiw**en**	mir	hu(nn)	**ge**schriwwen
dir	schreif**t**	dir	hutt	**ge**schriwwen
si	schreiw**en**	si	hu(nn)	**ge**schriwwen

- Mir schreiwen den Exercice.
- Mäi Papp huet mir eng Excuse fir e Méindeg geschriwwen.
- Wat schreifs du?
- De Stephen King schreift Horror-Bicher.
- Firwat hues du den Exercice net geschriwwen?

molen

malen **dessiner** **to draw**

Präsens		**Perfekt**		
ech	mol**en**	ech	hu(nn)	**ge**moolt
du	mool**s**	du	hues	**ge**moolt
h/h/s	mool**t**	h/h/s	huet	**ge**moolt
mir	mol**en**	mir	hu(nn)	**ge**moolt
dir	mool**t**	dir	hutt	**ge**moolt
si	mol**en**	si	hu(nn)	**ge**moolt

- D'Josiane moolt gutt.
- Wat mools du?
- D'Kanner mole gär.
- De Picasso huet méi wéi 13.000 Biller gemoolt.
- Ech mole mam Bic.

rechnen

rechnen **calculer** **to calculate**

Präsens		**Perfekt**		
ech	rechn**en**	ech	hu(nn)	**ge**rechent
du	rech**ens**	du	hues	**ge**rechent
h/h/s	rech**ent**	h/h/s	huet	**ge**rechent
mir	rechn**en**	mir	hu(nn)	**ge**rechent
dir	rech**ent**	dir	hutt	**ge**rechent
si	rechn**en**	si	hu(nn)	**ge**rechent

- Ech rechnen am Kapp.
- Ech rechnen schréftlech.
- Ech rechne mam Täscherechner.
- Den Här Davidson huet den Taux gerechent.
- Wéi rechens du dat?

liesen

lesen **lire** **to read**

Präsens		**Perfekt**		
ech	lies**en**	ech	hu(nn)	**ge**lies
du	lies	du	hues	**ge**lies
h/h/s	lies**t**	h/h/s	huet	**ge**lies
mir	lies**en**	mir	hu(nn)	**ge**lies
dir	lies**t**	dir	hutt	**ge**lies
si	lies**en**	si	hu(nn)	**ge**lies

- Den Här Dervisevic liest d'Zeitung.
- D'Madame Dervisevic liest e Buch.
- D'Sophie an de Pit liesen den Dialog.
- De Joé liest net gär.
- Ech hunn dat um Internet gelies.

léieren

lernen **étudier, apprendre** **to learn**

Präsens		**Perfekt**		
ech	léier**en**	ech	hu(nn)	geléier**t**
du	léier**s**	du	hues	geléier**t**
h/h/s	léier**t**	h/h/s	huet	geléier**t**
mir	léier**en**	mir	hu(nn)	geléier**t**
dir	léier**t**	dir	hutt	geléier**t**
si	léier**en**	si	hu(nn)	geléier**t**

- Hues du d'Vokabele geléiert?
- D'Schüler léieren net genuch.
- Hie léiert fir Mécanicien.
- D'Carolina léiert Piano spillen.
- Meng Schwëster léiert net gär.

schaffen

arbeiten **travailler** **to work**

Präsens		**Perfekt**		
ech	schaff**en**	ech	hu(nn)	**ge**schaff**t**
du	schaff**s**	du	hues	**ge**schaff**t**
h/h/s	schaff**t**	h/h/s	huet	**ge**schaff**t**
mir	schaff**en**	mir	hu(nn)	**ge**schaff**t**
dir	schaff**t**	dir	hutt	**ge**schaff**t**
si	schaff**en**	si	hu(nn)	**ge**schaff**t**

- De Paulo schafft op enger Bank.
- Wou schafft Dir?
- Ech schaffen am Moment net.
- Hatt huet bis 7 Auer geschafft.
- Bass du nach Schüler oder schaffs du schonn?